ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 6414
Reçue le 28.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.06.2022

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Kader vun den Energiesanktioune géint Russland, gëtt och de verstäerkten Import vum amerikanesche Flësseggas LNG, deen iwwert déi ëmstridde Fracking-Method gewonne gëtt, als potenziell Alternativ diskutéiert.

An deem Zesummenhang géing ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Verfüügt d'Regierung iwwert eng Vergläichsetude, déi de vollstännegen ekologesche Foussofdrock vum Uelegimport iwwer Pipeline an dem Import vum amerikanesche Flësseggas dokumentéiert? Falls net, gesäit d'Regierung vir, zäitno eng entspriechend Etude an Optrag ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°6414
Entrée le 19.08.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

Äntwert vum Minister fir Energie an der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6414 vum 28. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup iwwert d'Importation du gaz liquéfié américain

Verfüügt d'Regierung iwwert eng Vergläichsetude, déi de vollstännegen ekologesche Foussofdrock vum Uelegimport iwwer Pipeline an dem Import vum amerikanesche Flësseggas dokumentéiert? Falls net, gesäit d'Regierung vir, zäitno eng entspriechend Etude an Optrag ze ginn?

Generell ass ze soen, datt laut der Internationaler Energieagence 15% vun de weltwäit energiebezunnen Zäregas-Emissioune bei der Förderung an dem Transport vun Ueleg a Gas entstinn ("*The Oil and Gas Industry in Energy Transitions*", IEA, 2020, S.8). Dobäi sinn den Haaptproblem d'Methan-Emissiounen, déi genausou an der Gas- wéi an der Pëtrolsproduktioun beim iwwerierdesche Betrib entstinn. Methan ass en Zäregas mat engem Treibhauspotenzial vun 28, dat heescht 28 mol méi héich wéi dat vum CO_2.

Weder d'Notzung vun Ueleg, nach vu Gas, ass deemno mat eise Klimaziler vereenbar. D'Zil vun der Regierung ass dofir, de Verbrauch vun dësen Energien an eisem Land ze reduzéieren a mëttelfristeg duerch d'aktiv Förderung vun den erneierbaren Energien an der Energieeffizienz ganz a Richtung Klimaneutralitéit ze goen. Dat ass och e konkrete Beitrag zu méi Versuergungssécherheet an Onofhängegkeet.

Lëtzebuerg, den 19. August 2022
(s.) Claude Turmes
De Ministre de l'Énergie